

Zwou Organisatioune fuerderen Transparenz iwwer staatlech Ausgabe fir Besuch vum Poopt

D'Organisatiounen AHA Lëtzebuerg a Liberté de Conscience äussere Bedenken iwwer dem Poopt seng Visitt e Donneschdeg zu Lëtzebuerg. An engem gemeinsame Communiqué schreiwen si - Presseinformatiounen no wier de Poopt perséinlech vum Grand-Duc Henri invitéiert ginn, an dat géif Froen opwerfen.

D'Organisatiounen AHA Lëtzebuerg a Liberté de Conscience äussere Bedenken iwwer dem Poopt seng Visitt e Donneschdeg zu Lëtzebuerg. An engem gemeinsame Communiqué schreiwen si - Presseinformatiounen no wier de Poopt perséinlech vum Grand-Duc Henri invitéiert ginn, an dat géif Froen opwerfen.

Dorënner déi, op de Grand-Duc net perséinlech fir d'Käschte vun der Visitt misst opkommen?

Wann an engem laizistesche Staat ëffentlech Sue fir reliéis Zwecker gebraucht ginn, misst dat genee iwwerpréift ginn, esou déi zwou Organisatiounen. Si fuerderen dofir komplett Transparenz iwwer déi staatlech Ressourcen, déi fir d'Visitt mobiliséiert ginn. An datt d'Regierung deklaréiere misst, ob an a wéi engem Ausmooss, dem Poopt seng Visitt mat Steiersue bezuelt gëtt, esou d'Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker (AHA) a Liberté de Conscience an hirem Schreiwes.

Poopt huet d'Gripp

De Poopst huet iwwerdeems seng Rendez-vous fir haut alleguer ofgesot. Dat well hien eng liicht Gripp hätt, esou de Vatikan. Weider heescht et, de 87-Joer ale Poopst wéilt sech schounen an e bësse raschten, viru senger Visitt dës Woch hei zu Lëtzebuerg an an der Belsch. D'Kathoulesch Kierch weist sech awer optimistesesch, datt de Poopst François en Donneschde wéi geplangt op Lëtzebuerg kënnt. D'Preparatioune fir seng Visitt lafen normal weider, erkläert de Gerard Kieffer, Spriecher vum Bistum, am 100,7-Interview. De 87 Joer ale Poopst huet an de leschte Méint e puer Mol scho Rendez-vous wéinst gesondheetleche Problemer annulléiert.